LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Lëtzebuerg, de 28. Dezember 2017

Här Cédric Metz
c/o move., déi Jonk am Mouvement
Écologique asbl
6,rue Vauban
L-2663 Luxembourg

Objet : Campagne "Rethink your drink" vu Restopolis
Réf.: 2017.11.104

Här Metz,

Ech soen Iech Merci fir de Bréif vum 29. November 2017, an deem Dir äis Är Reflektiounen vum Move iwwert d'Campagne "Rethink your drink" matdeelt.

De 6. November 2017, een Dag virun der Virstellung vum nationalen Offallplang, huet Restopolis, de Restauratiounsservice vum Educatiounsministère, am Kader vun enger Pressekonferenz seng Campagne "Rethink your drink" um Forum Geesseknäppche virgestallt. De primäre But vun dëser Campagne ass, d'Gäscht vu Restopolis op d'Geforen vun dem reegelméissege Konsum vu Softdrinks an anerem Gedrénks mat Zockerzousaz hinzeweisen. Dës Weideren informéiert Restopolis seng Gäscht, datt Krunnewaasser oder Mineralwaasser dat gesondste Gedrénks ass, fir hiren Duuscht ze läschen, dofir ginn och all Dag gratis Karaffe mat Krunnewaasser zur Verfügung vun den Léit gestallt.

Restopolis huet fir dës Campagne eng Broschür op Franséisch an Däitsch ausgeschafft, déi de Gäscht gratis op der Internetsäit www.restopolis.lu zur Verfügung gestallt an och an de Restauranten a Cafeteriae verdeelt gëtt. Weider pädagogescht Material, wéi zum Beispill en Zockerrechner, verschéckt Restopolis op Ufro gratis un d'Enseignanten.

Fir kënnen iwwert d'Geforen vun de Softdrinks ze informéieren, besichen Mataarbechter vu Restopolis bis Mëtt Januar 2018 all Dag eng Schoul an der Mëttesstonn. All Gaascht, deen op de Stand vu Restopolis kënnt, fir sech iwwert d'Thema ze informéieren oder un engem Atelier Deel ze huelen, kritt eng Fläsch Viva an enger PET-Fläsch proposéiert.

Dëst Offréiere vun enger Fläsch Waasser ass an eisen Aen e Geste um Client, fir hien dorun ze erënneren, wéi gutt natierlecht Waasser schmaacht. Well d'Gäscht dëse Cadeau mathuele fir ënnerwee ze drénken, hu mir just d'Méiglechkeet, d'Waasser an de PET-Fläschen ze verschenken.

127-000188-20040816-FR

29, rue Aldringen
L-2926 Luxembourg
Tél.: (+352) 247-85100
Fax:(+352) 247-85113
e-mail: info@men.lu
www.men.lu

Restopolis zielt zu de Virreider, wat d'Reduzéiere vum Offall an der Groussgastronomie ugeet. Erlaabt mir, ier ech Iech déi eenzel AntiGaspi-Aktioune vu Restopolis exposéieren, kuerz op Äre Virschlag anzegoen, d'PET-Fläsche ganz aus dem Verkaf an de Schoulen ze huelen.

Restopolis geet geschwënn zu dem "système mixte" iwwer. Mir wäerten dann niewent de Plastiks- och Gliesefläschen ubidden an esou den Offall vu Plastiksfläsche limitéieren. Dës Gliesefläsche kommen awer nëmme fir déi Gäscht a Fro, déi hire Plat och an engem Restaurant oder enger Cafeteria iessen. Deene Gäscht, déi hire Plat - an och hiert Gedrénks - mathuelen, muss Restopolis och an Zukunft d'Gedrénks a PET-Fläsche proposéieren. Aus deem Grond ass et net méiglech, d'Plastiksfläsche komplett aus dem Verkaf erauszehuelen.

Mir begréissen all Initiativ vu Schoulen, déi op hirem Site Waasserspenderen installéieren, wou ee säi Bidon mat Waasser fëlle kann. Restopolis wäert deemnächst och a senge Restauranten a Cafeteriaen Bidonen zu engem faire Präis zum Verkaf ubidden, déi d'Gäscht benotze kënnen, fir an der Schoul mat Waasser a Kaffi opzefëllen, oder vun doheem hiert Gedrénks matzebréngen.

Nohalteg handelen ass vu ganz grousser Wichtegkeet fir Restopolis. De Restauratiounservice engagéiert sech zanter Joren dofir, op all senge Sitten den Offall ze reduzéieren an ze limitéieren, a mécht och en Triage vum Offall - Glas, Plastik, Kartong a Kichenoffäll. Organesch Offäll, déi als net evitéierbar qualifizéiert ginn wéi Schuele vu Geméis a vu Friichten an Iessensreschter, liwwert Restopolis un eng Firma, déi aus dësen Offäll Biogas mécht. D'Engagement vu Restopolis ass vun der SuperDrecksKëscht mat dem Label "SuperDrecksKëscht fir Betriber" belount ginn.

All Joer gëtt an de Restauranten a Cafeteriaen eng AntiGaspi-Campagne organiséiert, mat där Restopolis d'Gäscht wëll sensibiliséieren, manner Liewensmëtteloffall am Restaurant an och doheem ze produzéieren. Des Weidere bitt Restopolis och e Plat AntiGaspi un; hei handelt et sech ëm de Plat vum Dag virdrun. Dëse Plat erkennen d'Gäscht un der Etikett "Pense AntiGaspi, choisis-moi!".

Zanter September 2017 kann all Gaascht, deen eng myCard vum Educatiounsministère an en IAM-Code huet, sech säin Iessen online reservéieren. D'Reservatioun ass fakultativ. D'Platen kënnen iwwert de Site oder iwwert d'App vu Restopolis reservéiert ginn.

D'Online-Reservéierung garantéiert dem Gaascht, datt och zum Enn vum Mëttesservice dee Plat verfügbar ass, deen hie wollt an hëlleft d'Verschwendung vun Iessen ze limitéieren, well Restopolis, duerch d'Online-Reservatioun, méi genee d'Zuel vu Menüe kennt, déi gekacht solle ginn.

Restopolis bitt a senge Restaurante Platen fir matzehuelen a Barquetten un, déi recycléiert kënne ginn. Dës Barquetten gi just zerwéiert, wann de Gaascht säin Iesse mathuele wëll. Platen, déi bestallt ginn fir op der Platz ze iessen, zerwéiere mir op Parzeläintelleren.

Ech verbleiwe mat deene beschte Gréiss.

Claude Meisch
Ministre de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse